

## Exposition Faïences de Mettlach

L'artisanat d'art  
de Villeroy & Boch  
à l'époque de l'historicisme

Du 27 novembre 1999  
au 22 février 2000



MUSÉE  
d'HISTOIRE  
de la VILLE  
de LUXEMBOURG

MUSÉE d'HISTOIRE  
de la VILLE  
de LUXEMBOURG  
14, rue du Saint-Esprit  
L-2090 Luxembourg  
Tél.: 22 90 50-1  
4796-3061

Ouvert:  
mardi-dimanche  
10.00-18.00 heures  
jeudi: 10.00-20.00 heures  
fermé le lundi

Entrée: 200.- flux  
réduite: 150.- flux  
Enfants jusqu'à  
12 ans: gratuit



De Koschter waart scho mi jaang op deen Dag, wou e schlechten Zoufall ët wëllt, dass bei him den Telefon rabbelt an RTL sech mam Spill vun der Valiss oder soss enger Dommeet mell. Am Koschter sénge konservativen An ass en Telefon nämlech do, fir schnell wichtig Informatiounen ze vermëttelen, nët fir ze spillen. Wéivill Kanner goufe scho mat deenen RTL-Spillereien erwächt? wéivill Schichtaarbechter goufe schon aus dem wuelverdénge Schlof gerappt? wéivill eler Leit einfach erschreckt? wéivill Kranker gezwongen opzesteeen? wéivill Leitunge woren onnëtzer Weis besat, sou dass wichtig Uriff nët duerchkoumen? Mä dat ass RTL egal, wann ët drëm geet, den Zuhörer hire 'Spieltrieb' ze köderen an da mat deenen héijen Aschaltquoten den Annonceure mi déck Präisser fir Reklammen ze froen. Säit Chrëschttag gi se elo bei RTL nach e Schrétt méi wäit: Wann ee nët do ass, wann den Telefon rabbelt, seet den RTL-Entertainer carrément de Numm iwwert d'Antenn a Jenni a Menni kann sech dann dru gin, di gesichte Persoun doheem, am Auto, op der Aarbecht, wou och ëmmer opzedreiwien, fir da selwer eng RTL-Auer ze gewannen. Vun Diskretioun an Anonymitéit keng Spuer méi. Wat den RTL-Telefon eleng nët fäerdeg bréngt, dierfen elo zeg anerer gläichzäitig: dem onfräiwëllegen Affer vun der RTL-Profitsucht séng Rou stelen. Wéi steet ët do mat der Ethik an der Publizitéit?

m.p.

Dass ët zu Lëtzebuerg mat de Librarië net grad gudd bestallt as, weess jiddereen, dee regelméisseg wëssenschaftlech Bicher brauch. Mä och lëtzebueggesch Bicher sin oft schwéier ze fannen. Dëser Deeg krut de Koschter neess vun engem Lieser gesot, en dichtege Librär vun der Gare hätt - no e puer Woche 'Recherchen!' - gesot, e Buch, dat de forum emol erausgin hat, wär vergraff. De Koschter misst emol esou Librären e Prozess man wéinst Geschäftsschließung. De Koschter huet där Bicher nämlech nach eng ganz Rutsch op Lager a waart säit Joren drop, dass e Librär der bestell. Nët nëmmen de Koschter, och z. B. de CLUDEM huet missen d'Erfaarung man, dass zu Lëtzebuerg kee Librär vu sech aus e Buch nobestallt, wann en déi verkaf huet, di en Editeur em selwer laanscht bruecht huet. Duefir wëllt de Koschter op dësem Wee sénge Lieser nach eng Kéier soen, dass d'forum-Bicher vun Marc THIEL iwwer di satiresch Zäitschrëft 'D'Wäschfra, vun Renée WAGENER iwwert d'Afféierung vun Fraewalrecht, vun Paul ZAHLEN iwwer di Lëtzebuenger Eisebunnen an den 20er a 30er Joren nach all ze kréie sin. Jhust dem Alexis PAULY säi Buch 'Cultes au Luxembourg' as vergraff.

m.p.

An sénger Neijoeschried am Staatsministär huet de Premierminister Jean-Claude Juncker drun erënnert, dass dëst Joer 50 Joer CECA-Declaratioun vun Robert Schuman a 60 Joer Enn vun Zweete Weltkrich ze feiere sin. De Koschter freet sech, firwat fir deen éischten Anniversaire 15 Milliounen an de Staatsbudget ageschriwwe goufen, a fir deen zweeten, eleren Anniversaire kee roudc Su. Wär dat nët eng Geleënheet gewiescht, fir d'"Wehrmachtausstellung" och op Lëtzebuerg ze bréngen?

m.p.